

Mir léiere

Lëtzebuergesch

schreiwen



E Schreif- a Liesbuch fir Grouss a Kleng

Mir lëiere Lëtzebuergesch schreiwen

äe

ë

oi

uu

éi

ii

WTV

Mat den
neie
Regelen!

äi



Wat hei dra steet

Säit

• D'Vokalen	4
• Den e , e Lausbouf	7
• Duebelvokalen a Rëtschlauter	10
• D'Konsonanten	12
• Den n , nach e Lausbouf.....	14
• D'Verben	15
• Eng Rei Lëtzebuerger Spezialitéiten	17
• Lëtzebuergesch am Kontakt mat anere Sproochen	19
• Op ee Bléck	22

Nei Editioun Oktober 2005

iwwerschaft no den neie Regelen,
wéi se am Règlement grand-ducal vum 30. Juli 1999
virgesi sinn an am Mémorial vum 11. August 1999 publizéiert goufen

Konzept an Texter: idprod, Pit Hoerold
Illustratiounen: Pascale Velleine & Studio Legrain
Grafik: Createam, Wandhaff

All Rechter reservéiert
© Editioun Cactus, 1992, Juli 2002 an Oktober 2005
www.cactus.lu



2 Säit zwee,
déi zweet Säit

 **Cactus**

E puer Wuert, ier mir ufänken

Salut,

Du frees dech vläicht, firwat een eppes **richteg** schreiwe soll, wann et och falsch geet, datt et jo am Fong egal ass, ob ee **Bésch, Böch, Kéih, Wies oder wisavi** schreift.

Schéi wier et! Mee, wa jidderee schreift, wéi hie wëllt, versteet keen deen anere méi. Beim Schwätzen héiers du, ob een en **ee** oder en **ë** seet, ob hien e kuerzen **i**, en **ie** oder e laangen **ii** mengt, ob en dir vu senger **Kap** oder vu sengem **Kapp** verzielt.

A genee dat kanns du och beim Schreiwen ausdrécken!

Mee, elo ass et och esou, datt eng Sprooch eppes Lieweges ass, datt et alt Ännerunge ginn. Wat gëschet nach richtig war, ass mar scho vläicht falsch. Esou ass dat eben! Fir méi Klorheet an eis Sprooch ze bréngen, goufen eenzel Saachen iwwerschaft, esou datt et dir elo och nach méi liicht gemaach gëtt, fir richtig schreiwen ze léieren.

Hei fënns du elo, op eng flott Manéier presentéiert, alles iwwert eis Schreifweis, natierlech och déi nei Regeln - esou datt s du deng sëllegen **SMSen** an **e-mailen** vläicht vill méi "lieserlech" maache kanns!

*Vil fred an Spas, pardon,
vill Freed a Spaass
mat dësem Buch wënscht dir*

däi Yappi!



Léif Elteren,

Wéi dacks hutt dir iech scho gesot, "et misst een dach richtig Lëtzebuergesch schreiwe kënnen".

Dëst Buch gëtt iech elo d'Méiglechkeet et zesumme mat äre Kanner ze léieren. An dat op eng einfach a flott Manéier, esou datt dir Loscht kritt, emol méi dacks e **lëtzebuergesch Buch** ze liesen... a vläicht méi dacks Lëtzebuergesch schreiwe wëllt.

*Vill schéi Stonne
mat dësem Lies- a Schreifbuch!*



Yuppiiii ! Elo geet et lass!



► D'Vokalen:

Dat sinn déi Buschtawen, déi engem Wuert säi Klang ginn.
Wéi eng Klack di si d'Wierder lauden: **bimm bamm** oder **bomm**.
Ouni si wier en **Auto** en **..t.**, e **Bus** e **B.s** an en **Zuch** en **Z.ch**.
An dat géif mer jo eppes Schéines, oder net?
An hei sinn déi Klacken oder Musikanten, déi d'Musek an eis Sprooch
bréngen:

i u e* o a

* Den **e** ass e ganz apaarte Sang- a Klang-Kierper.
Méi doriwwer e puer Säite weider.

Net ze vergiessen: den **y**, nach e spezielle Brudder, dee mir bal just bei
Friemwierder hunn.



► D'Konsonanten:

Dat ass deen Deel vun eiser Buschtawenzopp, deen tëscht de Vokalen ass.
Si si wéi d'Carrosserie vun engem Auto: fir datt de Motor net nëmme
wéi eng Aierchen dréint a **brumm brumm** mécht, mee och fortfuere
kann. Ouni eis Konsonante wier eng Lokomotiv just eng

. o . o . o . i .

An da kéime mir jo och net vum Fleck, gell du !

An hei sinn se:

bcd fgh jklmn pqrst vwx z

Unenee gestréckt ginn d'Vokalen an d'Konsonante **Silben**, déi e Wuert a
Klangfaarwen deelen, méi hell, méi donkel, kuerz oder laang: a-bra-ca-da-
bra-ho-kuss-po-kuss-fi-di-buss, mam falsch Schrei-wen ass e-lo Schluss!



► Laang oder kuerz?

Laaschter mol gutt, wann s du schwätz, da sees du e Wuert méi **laang**, en anert méi **kuerz**, dat eent gëtt betount, dat anert net.

Lies emol:

e Bal



e Ball



eng Kap



e Kapp



e Pad



e Patt



E Bal ass kee Ball,
dat wësse mir all.

Um Kapp
trount eng Kap,
TRAPP TRAPP
TRAPP TRAPP
man d'Schong
op der Trap.

Gesäis du: dat ass liicht ze schwätzen - an elo och kannerlicht ze schreiwen.

An esou einfach ass dat elo!

Fir richtig ze schreiwen, ziele mir d'Vokalen an d'Konsonanten, an da gesi mir, wat **laang** a **kuerz** ass a schreiwen also:

1 Vokal vrun **1 Konsonant** = **laang**

i
Bir, Dir,
Fir



u
Tut, Lut,
Wut

e
Meter
(iwwert eisen apaarten "e" e bësse wei-der kucken)

o
Pol, Stoll,
Mol

a
Af, Daf,
Laf



1 Vokal vrun **2 Konsonanten** = **kuerz**

i
Vill, Spill,
Rill

u
Rutt, Blutt,
Gutt

e
Wett, Prett,
Fett

o
Stopp, Kopp,
Zopp

a
Mapp,
Papp, Flapp



2 Vokale vrun **2 Konsonanten** = **laang**

ii
Liicht,
Riicht,
Siicht

uu
Buuscht,
Kuuscht,
Duuscht

ee
Fleesch,
Streech,
Reech

oo
Looss,
Mooss,
Strooss

aa
Baach,
Draach,
Saach



Elo hues du schonn de Schlëssel an der Täsch
fir villes richtig schreiwen ze kënnen!



5 Sait fënnef,
déi fënneft Sait



► E puer Ausnahmen...

Natierlech, wéi ëmmer, ginn et och hei bei **laang** oder **kuerz**,
e puer Ausnahmen: bei **kuerzen**, **zesummegeesaten** a **Friemwierder**.
Keng Angscht, dat ass keng Affär.

● Bei den **Artiklen**: **dem, den, der, des**
(*kuerz och wann nëmmen ee Konsonant nom Vokal kënnt*).

● Grad esou bei: **es, em, en, et, him**

● a bei **klenge Wierder** wéi: **an, am, bis, dran, drop, drun, dun, ëm, eran, hin, mam, mat, ob, op, um, un, vum, vun, zum**

● a bei de **Virsilben**: **an-, ëm-, em-, on-, op-, ver-, zer-**

● a bei der **Negatioun**: **net**.

Dat selwecht zielt fir:

● adoptéiert Wierder wéi **Bus, Job, Top, Shop**

● a fir **zesummegeesate Wierder** (*si ginn also esou geschriwwen, wéi wann si eenzel an Actioun wieren*): **Alstad, Molkëscht, Sakgaass**

Nei!

● An elo och nei bei Wierder, wou fir si ze verbannen, en
Iwwerganks **S** dertëscht kënnt: **dagsiwwer, Schofspelz, Gebuertsdagsparty...**

Dat hätt mir dann elo och, oder ?



Teststreck 1

Sidd dir prett fir e klengen Test?

Da liest a schreift dëst emol a kuckt, ob et **laang**
oder **kuerz** ass a winnt iech un déi puer Ausnahmen. Ok?

Iddi, Biddi, Lut, Tut, Hutt, Pult, eent, zwee, rosen, blösen, lafen, kafen, paffen, hatt, hat,
Plaz, Kaz, platzen, Riichter, Triichter, Gewiichter, Buuscht, Putsch, lescht, meescht, Geescht,
looss, Mooss, Sprooch, Sproch, flaach, Saach, kachen, brachen, dem, deem, drop, et, him,
Hiem, an dun?, ofschafen, Ursaach, Gebuertsdagspräisser...

6 Sätt sechs,
déi sechst Sätt



Den **e**, e Lausbouf, wéi en am Buch steet!

O jo, den **e** ass e Lausbouf, deen an engem Stéck nei Spiichten an der Klatz huet. Eemol kënnt en eleng, **e**, dann zu zwee, **ee**, dann huet e Pinktelcher (neen, keng Speechelen) op der Kopp, **ë**, oder e Stuerz uewendrop, **é**, a gëtt och nach als Rëtschvokal ugesinn. Den **e** huet also eppes méi lass, duerfir ass hien och dee Buschtaf, deen an all Sprooch am meeschte gebrauch gëtt. Ouni den **e** wiere mir all **v.rlu.r od.r n.t**?

Léiwen e, da weis eis, wat s de kanns, wéi s de gelies a geschriwwe gëss!



Nei!

- Den **e** (eleng) ass elo am Prinzip ëmmer kuerz: **prett, ellen, Bett, adrett, Wett...**
Et sief dann mir iwwehuelen e Wuert aus enger friemer Sprooch, an där et och nëmmen een **e** huet: **trotzdem, weder, Gen, Pegel, penibel, Problem, Regie, Segel, Serie, System**



Nei!

- Den **ee** (als Koppel):
gëtt den **e** laang ausgeschwat, da schreiwe mir en elo ëmmer duebel, egal wéivill Konsonanten hannendru kommen (also een oder e puer): **Breedewee, Deeg, Eenegkeet, feelen, Leeder, Leed, Freed, Kleed, eent, bleech, heeschen**



- Den **ë** (mat Trema):
einfach kuerz ass eisen **ë** dacks am Asaz: **frësche Fësch, Dëppchen, Pëppchen, Bësch, Krëpp, ëmmer, nëmmen**
an och fir de kuerzen "ö" aus dem Däitschen: **ëffentlech, Bevëlkerung, fërmlech, gëttlech**

Nei!

- Mee, opgepasst:** mir schreiwen den **ë** nëmmen
 - wann d'Silb betount gëtt, also: **ënnen, fënnef, dës, dësem...** (also net bei Aarbecht, presséiert...)
 - an och net bei den Artiklen: **den, dem, der**
 - a bei de Pronomen vun der 3. Persoun: **em, en, er, es, et**
 - a ganz **Nei!** bei der Negatioun: **net.**



Dëst hëlleft dir elo och déi sëllegen Nimm vun eisen **Uertschafte** richteg ze schreiwen: **Lëtzebuerg, Rëmeleng, Fëschbech, Schëtter, Bëtzel...**



● Den **é**:

gëtt just geschriwwen virun **ng, nk, ck, ch, chs an x**,
wann d'Silb betount ass, a fir datt s du zum Beispill net verwiessels:
Décken an Decken, reng a Réng, Péng a Pengpeng...



- **ng** Réng, Péng
- **nk** Wénkel, drénken
- **ck** déck, Stéck, Bréck
- **ch** sécher, Sécherheet, du méchs
- **chs** Béchs
- **x** féx



awer mir schreiwen: **Steng, reng, Enkel, Dreck, Becher...**

Och domadder kanns du eis **Uertschaftsnimm** elo richtig schreiwen:
Spréngeng, Leideleng, Fréiseng...



Nei!

Schéin a gutt, wéi ëmmer e puer **Ausnahmen!**

Ouni **é** schreiwe mir: **meng, deng, seng**
(a wéi ëmmer schonn: *ech, mech, dech, sech*).

● Den **e** als Rëtschvokal mat oder ouni Trema (¨):

nach en aartleche Kadett, dee mir elo liicht an de Grëff kréien.
An esou geet dat:

- de **Rëtsch-e** kritt nëmmen zwee **Pinktelcher (Trema)** fir en ze betounen, wann en op zwee **ee** stéisst:
leeën, seeën, Jeeër esou datt mir also **Aen, muer, soen, goen, héieren, moien, Neies...** schreiwen (*well jo keng zwee ee virdru stinn*).
- Weider gëtt en a Wieder geschriwwen, wou keen **r** hannendru kënnt:
Buedem, Suedel...




Nei!

- Wou mir fréier zwee Vokale virun dem **r** geschriwwen hunn:
Buurg, Gebuurt, kuurz, Kiirch, Biirg...
schreiwe mir elo: **Buerg, Gebuert, kuerz, Kierch, Bierg, Bierger, Iertum, duerch...**



8 Säit aacht,
déi aacht Säit



Esou wäit, esou gutt, mee de **Rëtschvokal E** gëtt net geschriwwen, fir eis e séiert, praktescht Schreiwen ze erméiglechen:

- wann duerno en **r** als Konsonant eleng kënnt, also bei: **är, gären, Här, Stär...**
- an och net no engem **i** an **u**, wann dono en **r** als Konsonant eleng steet: **dir (dir), mir (mir), hir (ihr), Bir (Birne), Stir (Stirn), Geschir (Geschirr), iren (irren)...**
hei ass de lëtzebuergesche Vokal esou wéi am Däitschen!

- awer mir schreiwen: **Dier (Tür), Mier (Meer), ieren (etwa), Bier (Bär, Beere)...**
well dee lëtzebuergesche Vokal hei verschidde vum däitschen ass!

Weider, uff, an dann hu mir et bal gepackt mat deem rëtschegen a glëtschegen **E** do:

- den däitschen **ie** behale mir virum **r** bäi, esou datt mir schreiwen: **giereg, Nieren, schmieren...**
- ... an heiansdo, wa mir vläicht d'Flemm mat deem ganz komplikazéierten **E** do hunn, a well et séier goe muss, loosse mir en einfach ewech: **lo (elo), raus (eraus), rëm (erëm), wech (ewech)...**

P.S. Hei schreiwe mir keen Apostroph, well dës Ofkierzunge sech scho ferm an der Sprooch agebiergert hunn!

An, elo prett fir e klengen Test ?



Teststreck 2

Kuckt, wat hei richtig a falsch geschriwwen ass:

Ech maachen eng Wät, de läit nach am Bett. De Fred huet vill Fred, den Ed awer vill Leed. An d'Medchen huet en älent Kled.

All Dag fresch Fesch op den Dësch. Um fennef Auer kënne mer net kommen. Den Decken huet eng deck Speckdecken. D'Jeer si Plätteliefer. Den Här kennt vun engem anere Stär. D'Bürger eien no beim Mir. A wou sid dier?

Wier, dec, Freed, Meedchen, ellent, frësch Fësch, fennef, mer, net, Decken, Speckdecken, d'Jeer, Plätteliefer, Här, kennt, Stär, d'Bürger, Mier, sid, dir.



De Yuppi stellt vir: de Sproochen-Orchester

► d'Duebel-Yokalen a Rëtschlauter!

Bei déi hell, reng **Kläng** vun eisen einfache Vokalen, kommen elo nach e puer aner Kläng derbei, déi ganz typesch fir eis Sprooch sinn. Elo gëtt doraus e richtigen Orchester, an da kënnen mir **Musek** vun **A** bis **Z** maachen.



Lies dëst emol:



An, opgepasst, eent, zwee, dräi, hei sinn déi Téin, déi och eng Stëmm an eiser Sprooch-Big Band hunn:

● Diphtongen

- **éi** schéin, Spéin, Schnéi, Réi, Fléi, Kéier
- **ou** Krou, Flou, Ouer, Fouer, Kou, rout
- **oi** (am Fong just bei:) Moien, moies
- **äi** Äis, Räis, Fläiss, bäissen, räissen, Wäin, Sait
- **au** Bauch, Kraut, lauschten, Haus



● Rëtschlauter

- **ie** Liewen, niewent, Riewen, Kiermes, wierklech, natierlech
(net mam däitschen **ie** verwiesselen, dee mir jo **ii** schreiwen)
- **ue** fueren, Nuecht, Ueleg, Kuelen, Fuedem, fuebelen
- **äe** Päerd, Äerd, äerdeg, Wäert, fäerten, Gäertner





Net esou schwierig, fir an der Big Band matzemaachen, oder?
Du muss elo awer och nach oppassen, fir déi eenzel Lauter
ei – **ai** a vläicht och **éi** net duercherneen ze geheien.



Kuck mol hei:

- **ei** nei, Gewei, Rei
- **ai** Lais, Mais, Gebai(er): wéinst der Méizuel vun de Wierder mat **au**:
Laus, Maus...!



An och dëst, uewen **e klenge Wutz**, deen den Ënnerscheed mécht:

- **ei** feiern, leieren, deier, Scheier, Feier
- **éi** féieren, léieren, Déier, Schéier, véier



Teststreck 3

Yuppiiii, ech ka scho villes richtig schreiwen!



1

2

3

4

9

13

14

100

1000



zwou Mais, eng Schéier, e Réi, en Ouer, eng Kou, en Haus, e Päerd, eng Kéier,
en Teller Räis, cent, zwee, dräi, véier, néng, draizéng, véierzéng, honnert, dausend



► D'Konsonanten

J o, dat sinn déi vill Buschtawen, déi d'Vokalen, de **Klang** vun de Wierder, **zesammenhalen**, fir datt en net fortflitt an ni méi ze paken ass – wéi de Gesank vun enger Klack.



Wéini schreiwe mir elo awer **v** oder **f**, **g** oder **ch**...? Am Schwätzen héiers du dat net ëmmer eraus.

Spëtz dofir elo deng Oueren – an däi Bläistëft: **elo geet et nees lass!**

- **v/f** Grad esou, wéi s du dat vum Däitsche kenns:
vill (*viel*), **fillen** (*fühlen*), **vir** (*vor*), **fir** (*für*), **véier** (*vier*),
féieren (*führen*)



- **g/ch** De **g**: wéi am Däitschen: **Bagger**, **Gänsen**, **Buggi**...
Och wéi am Däitschen, wann de **g** wéi e schwaachen **ch**
ausgeschwat gëtt: **Kugel**, **Lager**, **Dag**...

De **ch** schreiwe mir, wann de Wupp vun engem Wuert
betount gëtt: **genuch**, **ewech**, **Zuch**, **Krich**...
awer: **riseg** (*well hei den Ufank vum Wuert betount ass*)



- **d/t** Och hei hale mir eis un dat Däitscht: **Doud** (*Tod*), **Lidd** (*Lied*),
Rad (*Rad*), a schreiwen also och: **Blutt** (*Blut*), **gutt** (*gut*),
dout (*tot*)

- **f/w** Grad wéi mir et schwätzen: **Léift Kand**, **Léiwe Jong**, **Bréif**...
an och: **Léiw** (*Löwe*), **Méiw** (*Möwe*), wéi mir et aus dem
Däitsche kennen



- **p/b** Och hei hale mir eis un dat däitscht Schrëftbild:
Rëpp (*Rippe*), **Zopp** (*Suppe*)...
a schreiwen also och: **Stëbs** (*Staub*), **Kriibs** (*Krebs*)

- **ch/sch** Nullo Problemo, maach et wéi am Däitschen:
Schnéi, **Kichen**, **Kiischen**, **technesch**



- **z/tz** Hei riichte mir eis eemol méi un déi däitsch Schreifweis:
Blëtz, **Sprëtz**, **Glëtz**, **Sëtz**...
awer: mir schreiwen en einfachen **z**, wann de **Vokal** virdru
laang ass, also: **Saz**, **Plaz**, **Kaz**!



Nei!

• j/jh

De **jh**, déi komesch Kombinatioun, gëtt ofgeschaf, esou datt mir eis just nach un de **j** halen, egal ob en wéi en **i** oder ganz breed ausgeschwat gëtt:
Juegd, Jeeër, Joer, Jemp, just, Januar, jäizen



An zum Schluss nach **3** Saachen:

- gëtt de Konsonant beim Schwätze geännert, da schreiwe mir, wéi mir et schwätzen, also: **e Bréif, zwee Bréiwer, léift Meedchen, léiwe Jong, eng Dauf, zwou Dauwen, hie schreift, mir schreiwen, e gutt Brout, e gudde Kuch, e Gaart, Gaardegeschir...**
- ass eng Ofleedung aus dem Däitschen net méiglech, da schreiwe mir: en **f** an net e **w**, e **p** an net e **b**, en **t** an net en **d**, also: **Bouf, Buschtaf, Déif, Kuerf, op, Muert...**
- an den **h** schreiwe mir nëmmen, wann en och ausgeschwat gëtt: **Haus, héieren, houschten...** awer: **Feeler, Weier...**



An nach e klengen Test!



Teststreck 4

Fléck déi richteg Buschtawen an:

. ill Leit . illen sech um Kapp, . er den Da . ugeet.
D'Ra . huet e Ku . ella . er.

Ech hunn es genu . mam Zu . Eng Méi . ass kee Léi

. De Stë . s läit ganz héich. An der Ki . en leie K . schten.

De Blë . huet am Bam op der Pl . mat der Ka . ageschloen.

Ech si . ust komm, wéi de Bréi . ukoum.

Loscht op e gu . Stéck Brou . Dann hei, schmaach dee gu . e Ku . emol.

Gu . en Appe . i . !



vill, fillen, ier, Dag, d'Rad, Kugellager, genuch, Zuch, Méiw, Léiw, Stëbs, Kichen, Kiischten, Bletz, Plaz, Kaz, just, Bréif, gutt, Brout, gудde, Kuch - Gудden Appetit!



Den **n**, nach e Lausbouf

Menger wärreg, beim **n** weess een **n** ni: kräizt **en** op
oder net, kënnt **en** am richtigen **n** Ament oder am falschen.
Kucke mir eis dee Kadett mol vu méi no un!

- Den **n** gött um **Schluss** vun engem Wuert **nëmmen** geschriwwen,
wann **en** och geschwat gött:
Mir sinn doheem. Si si gär doheem.

- An och: virun engem **Komma** an engem **Punkt**
(och wann en hei net geschwat gött):
Neen, ech ginn dohin. Dohi gi si gär.

- Eisen **n** steet awer och virun:
An och virun:
- | | | |
|-----------|---|------------------------------------|
| i u e o a | ➡ | Si lafen a spillen och. |
| d h n t z | ➡ | Mir wesse vill, si wessen näischt. |
| | ➡ | Mir spillen haut, si spille mar. |

An hei nach eppes ganz speziell lëtzebuergesch:

Den eleng

Wann **s** du mech frees..., so mir wéini **s** du gees...,
ob **s** du wëlls...

Hei steet den **S** fir zwee Wierder mateneen ze **verbannen**, datt si sech beim Schwätze besser verdroen - *eleng*, well den **S** a sech näischt direkt mam Wuert ze dinn huet!

An nach eppes: den Apostel, pardon...

Den Apostroph

Dee gebrauche mir just, wann eppes ewech fält: **d'Kand, 't ass, fir d'éischt, d'meescht...**

Mee, opgepasst, ass dat ofgekierzte Wuert ganz geleefteg, loosse mir den Apostroph ewech: **lo** (*elo*), **rëm** (*erëm*), **mol** (*emol*)...

An nach eng kleng **Remarque** heizou: am **Ufank** vun engem Saz kanns du nom Apostroph grouss oder kleng schreiwen:

't ass eriwwer... oder: 'T reent nawell vill.



► D'Verben

Fir datt richtig Wuppes an d'Sprooch kënnt, brauche mir **d'Verben**.
Si bréngen déi néideg Bewegung an de Saz, datt aus enger Hellewull
Wierder eppes richtig Lieweges gëtt.



Hei elo eng **Rëtsch Ännerungen**, wat d'Schreifweis vun eenzelne
Verben ugeet!

Nei!

Dës Verben ginn elo och no der Regel vum **duebele Konsonant** no engem kuerze Vokal geschriwwen:

sinn / hunn / goen / ginn / stoen / doen

Mir schreiwen also:

<i>sinn</i>	<i>hunn</i>	<i>goen</i>	<i>ginn</i>	<i>stoen</i>	<i>doen</i>
Ech sinn	Ech hunn	Ech ginn	Ech ginn	Ech stinn	Ech dinn
Du bass	Du hues	Du gees	Du gëss	Du stees	Du dees
Hien ass	Hien huert	Hie geet	Hie gëtt	Hie steet	Hien deet
Mir sinn	Mir hunn	Mir ginn	Mir ginn	Mir stinn	Mir dinn
Dir sidd	Dir hutt	Dir gitt	Dir gitt	Dir stitt	Dir ditt
Si sinn	Si hunn	Si ginn	Si ginn	Si stinn	Si dinn



D'Schreibe vun eenzelne Verben huert ëmmer munch **Kappzerbrieches**
mat sech bruet. Fir elo **fir méi Klorheet** ze suergen, hale mir dëst fest:

- beim Konjugéieren gi mir net méi vum däitschen, mee vum **lëtzebuergeschen Infinitif** aus.
- Mir behalen den **duebele Konsonant** vum lëtzebuergeschen Infinitif bäi.

• Mir schreiwen also bei:

• A bei:

<i>falen</i>	<i>behalen</i>	<i>fannen</i>	<i>wëllen</i>	<i>gëllen</i>
Ech falen	Ech behalen	Ech fannen	Ech wëll	Ech gëllen
Du fäls	Du behäls	Du fënns	Du wëlls	Du gëlls
Hie fält	Hie behält	Hie fënnt	Hie wëllt	Hie gëllt
Mir falen	Mir behalen	Mir fannen	Mir wëllen	Mir gëllen
Dir faalt	Dir behaalt	Dir fannt	Dir wëllt	Dir gëllt
Si falen	Si behalen	Si fannen	Si wëllen	Si gëllen



Dëst ass vläicht op den éischte Bléck ongewinnt, mee déi al Formen wéi
"du fälls, hie fältt, du behäls, du fënnds..." sinn elo iwwerlieft.



Erënnere mir och nach eemol drun, datt mir hei bei de Verben mam **w** a mam **f** d'selwecht wéi bei de **Konsonanten** ëmginn:

gleewen

Ech gleewen
Du gleefs
Hie gleeft
Mir gleewen
Dir gleeft
Si gleewen

schreiwen

Ech schreiwen
Du schreifs
Hie schreift
Mir schreiwen
Dir schreift
Si schreiwen



Ajo, dat ass d'Liewe vun der Sprooch, wat fréier als falsch ugesi gouf, ass elo op eemol richtig, zum Beispill: **et ass, et gött, mir sinn...** a villes méi.

A fir dech ze testen, vläicht dëst:



Teststreck 5

Meng e-mail

Mojen, weini gie mier äus spihlen. Brängs du dei Bal og matt? Oder sole mier ann de Böch fuuren? So mier gleich beschet. Eddy, dein Edi.



Meng SMS

Bonguer, wo bas du. Watt mächs du älo? Ech gin gäer mat dier ann de Kino. Huess du och Locht dovi? Oder gi mier eng Glass isen? SMS mier saie zräck. de Jhanng
PS. We fends du mäng SMS hai. Kul, he?

Firwat och net...

...mee esou geet et och!
Mojen, weini gi mir aus spillen? Brängs du dai Ball och mat?
Oder solle mir an de Bësch fuuren?
So mir gläich Beschued. Äddi, dain Eddy.
Bonjour, wou bass du? Wat mächs du elo?
Ech gi gär mat dir an de Kino.
Hues du och Loscht dofir? Oder gi mir eng Glace iessen?
SMS mir seier hannescht. De Jang.
PS. Wéi fenns du meng SMS. Cool, he?



Eng Rei Lëtzebuerger Spezialitéiten

► Wat mir hunn:

All Sprooch huet hir eege Spezialitéiten, déi se vun aneren ënnerscheed. Am Lëtzebuerger gëtt et zum Beispill:

● **den S** (eleng): A wann **s** du net gees...

● **duebel Vokalen (ii, uu, ee, oo, aa):**
Liicht, Duuscht, Freed, Strooss, Baach...

● oder (rar) **den s-ch:**
bei Hais-chen, fir kee **sch** wéi bei **heeschen** ze liesen.



► Wat mir net hunn:

Ajo, 't ginn och Saachen, déi mir net hunn, och wann s du se alt gesäis. Mir hu **keen**:

● **Λ (Hittchen):** just bei e puer Wierder, déi mir direkt aus dem Franséischen iwwerhuelen: **tête-à-tête**...

● **è (accent grave):** et sief dann, 't ass e franséisch Wuert

● **ß (sz, schaarfen s):** dofir hu mir den duebelen **ss**:
Floss, Genoss...

● **h** um Enn vun engem Wuert, mir schreiwen also:
Réi, Kéi, Fléi...

● **e' o'** also ni: **Bo'n, Reunio'n**, mee **Boun, Réunioun...**


● **ö** dofir hu mir den **ë**, ausser bei Wierder, déi mir esou aus dem Däitschen iwwerhuelen: **blöd, Föhn** (de Wand), **Fön** (fir d'Hoer ze dréchnen), **Hörer**...



► O, du schwéier Méizuel (Plural)

Hei ganz liicht gemaach. An een, zwee Blécker hues du dëst intus.
Lies dës Wierder emol, maach d'Aen dann zou a buschtawéier se:

- een Hond, zwee Hënn
- ee Wollef, zwee Wëllef
- eng Famill, zwou Familljen
- eng Faarf, zwou Faarwen
- ee Buch, zwee Bicher
- ee Kuerf, zwee Kierf
- eng Wiss, zwou Wisen
- ee Saz, zwee Sätz
- ee Gaart, zwee Gäert




anesouweider... du fënns der bestëmmt nach méi!


PS. Kuck eng Grëtz méi wäit fir d'Meizuel vun de Wierder aus dem Franséischen.

10 Minutte Spillpaus

1 Fannt déi zwee Yuppiën,
déi d'selwecht sinn!



2 Wat fir e Fësch huet de Yuppi
un der Aangel?



Léisung: 1 2 + 6, 2 E



Lëtzebuergesch am Kontakt mat anere Sproochen

Mir si jo net eleng op der Welt, ee Gléck, dofir huele mir aus anere Sproochen Wierder an eis Sprooch op.

Esou hu mir si mat Franséisch, Däitsch, Englesch a Griichesch beräichert.


Verhonze wëlle mir se awer och net: e **Gefängnis** ass nach ëmmer e **Prisong** an **d'Feierwier** sinn nach ëmmer **d'Pompjeeën**.



► Aus dem Franséischen:

Hei gi mir vun **3** Zorte Wierder aus:

- **Déi onverännert**, also Wierder, déi mir esou iwwerhuelen: **Barrière, Ministère, Concours, Courage, Trottoir, Trottinette...** (och wann déi elo ëmmer méi zu engem *Kickboard* gëtt...)



Nei!

- Déi mat **franséischem Stack**, zum Beispill: **Timber, Ensembl, Députéierten...** (*mir schreiwen also net méi: Timber, Mëmber...*)



- Déi Wierder, déi mir **ganz iwwerholl** hunn, e puer Bespiller: **Jilli, Jelli, Fotell, Wallis, Keess, zerwéieren, Schantjen...**



Nei!

Wierder, déi mir aus dem Franséischen iwwerhuelen an och verlëtzebuergesch hunn, behalen ëmmer hir **Accenter**: **Décisoun, enquêtéieren, Réunioun, résuméieren...**

D'Méizuel, de Pluriel also, bei franséische Wierder

- schreiwe mir mat **-en**, andeem s mir meeschtens vun der **Einzahl**, dem Singulier also, ausginn:

een Trottoir → zwee Trottoiren,
een Employé → zwee Employéen,



- a wann et ëm weiblech "employées" geet:
eng Employée → zwou Employéén

esou och fir:

ee Client → zwee Clienten
ee Camion → zwee Camionen



An nach eppes, wat s du och verhole solls:

- hält e Wuert mat engem **stommen e** op, a kënnt et an enke **Kontakt** mat engem aneren, da schreiwe mir en **ë**, zum Beispill: Chanc**ë**gläichheet, Assuranc**ë**wiesen...
an och bei: **eng Cliente** → **zwou Clienten**...



An zum Schluss nach dat heiten:

- bei Wieder, déi et **esouwuel** am Franséischen wéi am Däitsche gëtt, hale mir eis meeschtens un déi däitsch Schreifweis: **Affär, Aktioun, Aktionär, Büro, Realitéit, Fassad, Sekretär**...

► Aus dem Däitschen:

Wieder, déi mir ganz aus dem Däitschen iwwerhuelen (... *awer net blannemännerches*) solle mir och wéi do schreiwen:

Kopfhörer, Staubsauger, fönen...

Gezéckt gëtt awer nach bei Wieder, déi eis am Alldag ganz geleeft sinn:

Erfahrung – Erfahrung, Ausnahm – Ausnam...

Mir kënnen awer och emol versichen e lëtzebuergesch Wuert draus ze maachen: Kapplauschterer, Stëbssuckler...

Hei vläicht awer net nëmmen "iwwersetzen", mee méi creativ virgoen...

Wier dat net eng flott Iddi?!



► Aus dem Engleschen:

Bei englesche Wieder iwwerhuele mir och déi Schreifweis mat:

Jeep, Job, Club, Ketch up, Take out, Break, Clip, Jeans, cool, heavy, Make up, Skate-board, Jack Pot, Caddy, Tuner, Printer, Computer...



20 Säit zwanzeg,
déi zwanzegst Säit



► Aus dem Griicheschen:

Hei respektéiere mir an sech déi original Schreifweis, iwwehuelen awer och d'Schreifmanéier vu moderne Sproochen: **Philosophie, Orthographie, Bibliothéik, Theater, Thema...** an och **Chrëschttag** (also net: "Krëschttag").



Bei méi **moderniséierte Wieder** schreiwe mir awer: **Elefant, Fantasie, Fotografie...**



Als Ofschloss-Examen...



... hei déi **lescht Teststreck!**

Ënnersträich, wat hei falsch ass a schreif et richtig

Den Hut läit an der Tutt. All Sproch huet méi wéi ee Sprooch. De Bredewe as um Wee fir an d'Aalstat. Ech si emmer hongrech an duschtreg. D'Burg stet um Biirg. Laft elo seier bei d'Mir. Mir sin fro' matt de Spein. D'Häus huet vill Meis. Eng Scheier schnëppelt d'Stréih an der Schaier. Ass nach genug Kuuch do? De Stëpps läit hai ganz héij. D'Katz leeft iwwe d'Plaats. Mir schreife dir e Bréiw oder schreiws du eis e mail? Ech gi net gäer an d'Schoul. Si sti lang am Ren. Hi fällt fum Bamm erof, wan hie net oppaszt. Set en Tîmber oder Käppchen? Gutten Appetit... oder gudd Nuegt. Eddi, bis dann emol. Fill Laifes vun ärem Yuppi!

.....

.....

.....

.....

.....

.....

.....

Hutt, Tut, Sprooch, Sproch, Bredewe, ass, Alstad, sinn, ëmmer, hongrech, duuschtereg, Buerg, steet, Bierg, laaft, seier, Mier, si, frou, mat, Spëin, Haus, Mais, Schëier, Stréi, Scheier, genuuch, Kuch, Stëbs, bei, héich, Kaz, Plaz, schreiwen, Bréif, schreifts, ginn, gär, laang, Reen, hie, fällt, vum, Bamm, wann, bien, oppaszt, seet, een, Tîmber, gudden, gutt, Nuecht, äddi, vill, Lëttes.





S éier nach dat Wichtigst an e puer Zeilen zesummegeraf:

● den **e** gëtt elo ëmmer **ee** geschriwwen, wann e laang geschwat gëtt (egal op **een** oder **e** puer Konsonanten derno kommen):
Freed, Breedewe...

● den **é** gët nëmme bei betounte Silbe geschriwwen:
Stéck, Bréck, Sécherheet...

● mir schreiwen d'Verben *sinn, hunn, goen, ginn, stoen dinn* elo no der Regel vum duebele Konsonant no engem kuerze Vokal:
ech hunn, mir ginn...



● beim Konjugéieren vun de Verben *falen, behalen, fannen...* gi mir vum lëtzebuergeschen Infinitif aus: **du fäls, hie fënnt...**

● de **jh** gëtt et elo net méi, **j**ust nach deen einfachen **j**:
Joer, Juegd, Jeeër, jäizen...

● den **Hittchen** (^) fir den Nasallaut vu franséische Wierder ze schreiwen ass och passé, also schreiwe mir elo: **Timber, Member...**

● verlëtzebuergescht Wierder aus dem Franséischen behalen hiert Zeechen uewendrop: **Réunioun, enquêtéieren...**



● ... a wat soss archifalsch war, ass elo richtig:
et ass, et gëtt, ech sinn, du net.



E puer Wuert, ier mir ophalen

Saluti alleguer,

An, wéi war et? Guer net esou schwéier, wéi dir dat gemengt hutt, gell!
Elo ka keen iech méi en **e** fir en **ë** an en **i** fir en **ii**... virmaachen,
well dir wësst elo genee, wéi dir et schreiwe sollt. Eng Sche**e**ier ass emol
keng Sch**e**ier, féieren net feieren anesouweider... An är e-mailen an SMSen
kënnen elo vill méi liicht a séier entziffert ginn.
Bis zur nächster **Ännerung** vun eiser Schreifweis dann
(hoffentlech kënnst se net ze séier...).



Äddi,
däi Yuppi!

Zum Schluss hei däin

Diplëmmchen

Bravo!

Du gesäis, mam Yuppi ass et plommeliicht
fir Lëtzebuergesch schreiwen ze léieren.

De Yuppi gratuléiert dir, well s du Lëtzebuergesch elo



gutt



ganz gutt



immens gutt

schreiwe kanns!

däi Yuppi!



äi

äe

éi

ë

Mir léiere

Lëtzebuergesch

schreiwen

ii

uu

ww

oi

Léif Kanner, léif Elteren,

wéi dacks wollt dir scho richtig
Lëtzebuergesch schreiwe léieren?

Mam Yuppi sengem neie Lies- a
Schreibbuch hei kënt dir dat elo op
eng flott an einfach Manéier maachen.

Schlot et dofir séier op: de Yuppi
weist iech hei wéi kannerlicht an
eltereliicht dat ass.



 **Cactus**